

Pressematdeelung

11. Mäerz 2019



DEMOKRATESCH
PARTEI

Fir d'Meenungsfräiheet a géint d'Zensur: d'DP lehnt all Form vun Uploadfilter of

D'Demokratesch Partei ass géint all Form vun Zensur am Internet an trëtt fir d'Grondrecht vun der Meenungsfräiheet an, esouwuel offline ewéi online. Dofir fuerdert d'DP d'Europaparlament dozou op d'Artikelen 11 an 13 vun der geplangter Copyright-Direktiv net an der aktueller Form unzehuelen. D'DP stellt sech domat hannert d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung, déi schon am Februar géint déi proposéiert Direktiv gestëmmt huet. Den DP-Europadeputéierten Charles Goerens wäert och beim Vote am Europaparlament géint d'Artikelen 11 an 13 stëmmen.

Och wa mir eng Reform fir e bessere Schutz vun den Droits d'auteurs am Internet ënnerstëtzen, kënnen mir net guttheeschen, datt Plattformen an Zukunft direkt oder indirekt derzou gezwonge ginn Uploadfilteren anzesetze fir de Contenu vun hiren Notzer ze kontrolléieren. Esou Filtere sinn net nëmmen eng Gefor fir d'Meenungsfräiheet mä riskéieren och e groussen Deel vun der Internetkultur ze zerstéieren, déi, ouni kommerziell Hannergedanken, op eng kreativ Aart a Weis Fotoen, Video- a Museksexaite verschafft.

Een Argument dat d'Supportere vun der proposéierter Copyright-Direktiv virbréngen, ass d'Verdeedege vun der Mediepluralitéit. D'DP ass allerdéngs der Meenung, datt grad d'Pressevillfalt net als Argument fir méi Zensur däerf duerhalen. Mir verweisen an deem Kontext op d'Efforte vun der Lëtzebuerger Regierung, déi d'Pressehëllef un den Zäitalter vun den digitale Medien upasse wäert.

D'DP setzt sech derfir an, datt d'Besëtzer vun engem Copyright, dorënner Onlinemedien a vill Kënschtler, méi einfach fir hir Aarbecht bezuelt kënnen ginn, wa grouss Plattformen op hier Wierker zréckgräife wëllen. Eng kohärent Protektioun vun den Droits d'auteurs am Internet däerf net doranner bestoen, datt déi geliefte Internetkultur zenséiert gëtt. Et gëlt ee Gläichgewicht ze fannen tëschent dem legitime Schutz vun den Droits d'auteurs op där enger Säit an der fräier Bewegung am Netz op där anerer.

Matgedeelt vun der Demokratescher Partei

148-150, bd de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

dp@dp.lu
www.dp.lu